N° 4525
Reçue le 05.08.2021

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Intérieur

La Ministre

Luxembourg, le 5 août 2021

Monsieur Marc Hansen
Ministre aux Relations avec le Parlement
Service central de législation
43, bld Roosevelt
L-2450 Luxembourg

**Concerne : Question parlementaire n°4525 du 18 juin 2021 des honorables Députés Jeff Engelen et Fred Keup concernant la construction d'un centre d'incendie et de secours à Friddhaff**

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous faire parvenir en annexe la réponse à la question parlementaire sous rubrique.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de ma haute considération.

La Ministre de l'Intérieur

Taina Bofferding

**Gemeinsam Äntwert vun der Madamm Inneministesch, Taina Bofferding, vun der Madamm Ministesch fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung, Carole Dieschbourg, a vum Här Minister fir Landesplanung, Claude Turmes, op d'parlamentaresch Fro n° 4525 vun den honorabelen Deputéierte Jeff Engelen a Fred Keup zum Sujet „Construction d'un centre d'incendie et de secours à Fridhaff"**

De Ministère fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung ass am Virfeld vun där vum Deputéierte genannter Transaktioun net consultéiert ginn. Aus deem Grond konnt e virun der Transaktioun och keng Bedenken äusseren.

Fir d'Fro vun engem neie CIS endgülteg ze klären, huet de Minister fir Landesplanung een interministeriellen Aarbechtsgrupp an d'Liewe geruff, an deem zesumme mam Ministère fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung, dem Inneministère an dem CGDIS, souwéi der Stroossebauverwaltung eng Analys gemaach gëtt, fir de beschtméigleche Site ze fannen, deen all de Krittäre Rechnung dréit, dat heescht souwuel vun der Effizienz hier, wéi dem Standuert fir de CGDIS an der Abannung an d'Landschaft.

Et kann een haut soen, dass sech aus der éischter Analys vum Aarbechtsgrupp eng Rei Terrainen erausgeschielt hunn, déi sech fir de Bau vum neie CIS géifen eegnen an déi elo am Detail ënnersicht ginn. Eréischt wann de Site definéiert ass, ka gekuckt ginn, wat mat den Terraine geschitt, déi schonn zu engem fréieren Zäitpunkt kaf goufen.